N°3706
Entrée le 27.02.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.02.2026
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 27. Februar 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Konsumenteschutz, sou wéi un den Här Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus weiderzeleeden.

An engem rezente Pressebericht gëtt gewarnt, datt bestëmmte Chargë vu Spillsand, déi international a Verkéier sinn, Spuere vun Asbest enthale kéinten. Asbest ass bekanntlech eng héich gesondheetsschiedlech Substanz, déi beim Anootme vun de Fasere schwéier a laangfristeg Krankheete verursaache kann. Besonnesch besuergneserreegend ass dëst am Kontext vu Produkter, déi fir Kanner bestëmmt sinn, well si mat esou Materialien direkt a reegelméisseg a Kontakt kommen.

An deem Kontext géing ech follgend Froe stellen:

- Goufen an de leschte Méint Analysen oder Kontrolle vu Spillsand-Produiten um nationale Marché duerchgefouert? Wann jo, mat wéi enge Resultater?
- Ass der Regierung bekannt ob betraffe Spillsand-Produkter och zu Lëtzebuerg importéiert oder verkaf goufen?
- Wéi eng Mesurë gesäit d'Regierung vir fir sécherzestellen, datt kontaminéiert Produiten net op de Marché kommen an/oder séier aus dem Verkéier gezu ginn?
- Wéi eng Recommendatiounen huet d'Regierung fir Crèche wou d'Kanner mat kineeteschem Sand spillen?
- Gesäit d'Regierung Handlungsbedarf op europäeschem Niveau fir d'Kontroll vun importéierte Spillsand-Produiten ze verschäerfen?

Mat déiwem Respekt

Claire Delcourt

Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu